N° 4122
Reçue le 20.04.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Energieminister, den Här Minister fir Ekonomie an den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Am Interview mat engem däitschen Ekonomist, deen de 6. Abrëll ënnert dem Titel "Klimakatastrophe mit Kapitalismus verhindern" am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, seet den Interviewgaascht zum Zesummespill vun enger fräier Wirtschaft an dem presuméierte Mënsche gemaachte Klimawandel ënner anerem Follgendes: Wir brauchen die "schöpferische Kraft der Zerstörung". Das aber geht nur über Wettbewerb und freie Preisbildung. Mam Begrëff "schöpferische Kraft der Zerstörung" bezitt den Interviewgaascht sech op de klasseschen Ekonom Peter Schumpeter, deen de wëssenschaftlechen, technologeschen an industrielle Fortschrëtt an der Ekonomie als evolutionären Entdeckungs- an Entwéckelungsprozess gesinn huet. Fir, datt eppes Neies entstoe kann, muss awer fräi nom Prinzip vun der Evolutioun och eppes Ales verschwannen, fir déi domat verbonne Ressource rëm fräizesetzen. D'Duerchsetzung vun deenen allgemeng bescht méiglechsten Technologië, setzt dem Schumpeter no allerdéngs déi fräi Konkurrenz a perséinlech Verantwortung vun all bedeelegtem Acteur an engem Léierprozess aus Versuch an Iertum viraus. Wann de Staat dogéint an dëse Prozess agräift, zum Beispill duerch Subsiden an/oder administrativ Privileegien, féiert dëst zu enger Verfälschung vum Resultat. U sech onrentabel Technologien kënnen sech op eemol rechnen an/oder u sech iwwerleeën Technologie kënnen hir Potenzial opgrond vun onnéidege bürokrateschen Hürde schonn am Virfeld ni entfalen. Mat dësen theoretesche Grondlage virun Aen huet den uewen zitéierten Interviewgaascht vum Lëtzebuerger Wort am Bezuch op déi praktesch Gestioun vun de sougenannte "gréngen Technologien" e kloren Nohuelbedarf gesinn:

Duerfir géife mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1) Entsprécht des Ausso och der Vue vun der Regierung? Wann net, firwat net?
2) Wéivill Subside bezilt d'Regierung aktuell am Beräich vun de "gréngen Technologien" (Elektromobilitéit, Photovoltaik, Energiespuerheiser asw...)?
3) Wéi beurteelt d'Regierung d'Gefor, datt des Subsiden d'Erreeche vun hire selwer gesate Klimaziler verhënneren, well se privaten Acteuren den Ureiz fir an nei, méi effizient Innovatiounen a Fuerschung ze investéieren huelen a sou den technesche Fortschrëtt an deem Beräich blockéieren?
4) Wéi beurteelt d'Regierung d'Gefor, datt des Subsiden d'Präisser fir de Bierger laangfristeg onnëtz héich halen an se domat am uewen zitéierte Sënn, d'Motivatioun verléieren, fir am perséinleche Beräich a "klimafrëndlech" Technologien ze investéieren?

5) Kéint d'Regierung sech virstellen am Sënn vun deenen uewen zitéierte Froen zukünfteg op sämtlech direkt an indirekt Subsiden (Luedstatiounen fir Elektromobilitéit, ëffentlech Terrainen fir Wandanlagen asw.) ze verzichten, fir domat den technesche Fortschrëtt an deem Beräich ze färderen?
6) Kéint d'Regierung sech virstellen an dësem Sënn dauerhaft op sämtlech Verbueter vu sougenannte "klimafeindlechen" Technologien (Autoe mat Verbrennungsmotor asw.) ze verzichten, well se vum selwen obsolet ginn, wann hir sougenannt "klimafrëndlech" Konkurrenten hir natierlech Potenzial entfalen, wuelwëssend, datt Konkurrenz och hei d'Geschäft belieft?
7) Kéint d'Regierung sech virstellen, an deem Sënn och d'Steiersätz am Zouliwwerungsberäich vu gréngen an net gréngen Technologien unzegläichen, sou, datt zum Beispill op de Bensinn fir den Auto mat Verbrennungsmotor den nämmlechte Steiersaz applizéiert gëtt, wéi op de Stroum fir den Auto mat Elektromotor?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 20 mai 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4122 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4122 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, vum Energieminister, vum Finanzminister a vum Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n°4122 vum 19. Abrëll 2021 vun den éirewäerten Deputéierten Här Fernand Kartheiser an Här Fred Keup iwwert d'Fërderung vu gréngen Technologiën**

Zu Lëtzebuerg spillt de Staat eng wichteg Lenkungsroll souwuel an der Ëmwelt-, Klima-, Wirtschafts- wéi och an der Sozialpolitik. Zënter der Adoptioun vum Paräisser Klimaaccord am Joer 2015, steigt konstant d'Unzuel vun den Demanden aus dem Privatsecteur, engersäits fir déi sougenannte Public Private Partnerships an anerersäits fir staatlech Co-Investissementer a Garantien. De Privatsecteur fuerdert eng kohärent Richtung a kloer Mesurë vum Staat fir de Betriber kënnen eng Planungssécherheet ze garantéieren.

De Staat ass also keng Brems, mee am Géigesaz de Motor vun enger nohalteger Wirtschaftspolitik. D'Regierung huet sech engagéiert fir d'$CO_2$ Emissioune bis 2030 em 55% ze reduzéieren an den Undeel vun den erneierbaren Energien op 25% ze héijen. Dës ambitiéis Ziler kënnen nëmmen zesumme mat allen Acteuren erreecht ginn an d'Regierung wäert weiderhin déi néideg Impulser a Mesurë fir d'Bierger an de Privatsecteur ënnerhuelen a fërderen. An dësem Sënn huet d'Regierung am Mee 2020 den integréierten Energie- a Klimaplang, mat ville konkrete Moossnamen an Handlungspisten, adoptéiert a setzt dësen elo konsequent ëm. Heibäi gëtt nieft dem Klimaimpakt och den Impakt vun dëse Mesuren ob d'Bierger mat engem niddrege Revenu berücksichtegt. Sou goufen zum Beispill bei der Aféierung vum $CO_2$-Präis och geziilt Kompenséierungsmesure fir dës Bierger ëmgesat, an zwar ënner anerem an der Form vun enger Erhéijung vum Steierkredit.

Wat d'Steiersätz am Beräich vun Energieprodukter an elektreschen Stroum ubelaangt, ass Lëtzebuerg un de juristeschen Kader vun europäeschen Direktiven gebonnen. Do ginn notamment minimal Besteierungssätz fir déi verschidden Energieträger festgeluecht, an déi musse respektéiert ginn. Domat ass zum Beispill een Ugläiche vum Steiersaz um Bensinn un deen, dee Lëtzebuerg um Stroum applizéiert, net méiglech.